N° 8085
Entrée le 09.06.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 09.06.2023

adr

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Juni 2023

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Sozial Sécherheet weiderzeleeden.

Wéi een an der Press vum 8. Juni 2023 noliese kann, huet d'Krankekeess d'lescht Joer eng negativ Bilanz vun 41,6 Milliounen Euro gemaach, wat bedeit, datt déi global Reserv weiderhin ofhëlt. Mat Sécherheet droen och Frauden am Beräich vun der Krankeversécherung zu dësen Abousse bäi.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Mécht de Ministère fir d'Sozial Sécherheet Estimatioune bzw. Statistiken, wat de geschätzte Volume ugeet vun de Frauden am Beräich vun der Krankeversécherung? Wa jo, kann den Här Minister eis dës Estimatioune bzw. Statistike matdeelen? Wann nee, firwat ginn esou Estimatioune bzw. Statistiken net gemaach?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten